PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
06 NOV. 2019
1442

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/11/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Wann d'Schüler am leschte Joer vum Fondamental ukomm sinn, musse si sech enger Rei Tester an Evaluatioune stellen, mat deenen ermëttelt soll ginn, wei eng Schoulform fir si am Secondaire am beschte gëeegent wär. D'Elteren, d'Léierpersonal an och Psychologen aus dem Centre Psycho-Social et d'Accompagnement Scolaires (CePAS) sinn un der Orientéierungsprozedur bedeelegt.

Well d'Unzuel u Psychologen, déi fir de CePAS schaffen, aktuell awer net duergeet, fir d'Demande u Participatioune bei den Orientéierungen ze decken, huet de Minister Meisch den 23. September 2019 e Courrier erausgeschéckt, an deem hien d'Direktere vun de Regionaldirektiounen, de Lycéeën an de Centre de Cométences biet, him eng Lëscht zoukommen ze loossen, mat alle Psychologen déi bei hinne schaffen. Op Basis vun dëse Lëschte sollen da Psychologen aus der gesamter Education Nationale opfuerdert ginn un der Orientéierungsprozedur vun de Schüler aus dem Cycle 4.2. deelzehuelen. Dat bedeit natierlech, dass dës Psychologen op hirer eigentlecher Aarbechtsplaz temporär feele wäerten. Besonnesch problematesch ass dat, well et an der Praxis och wäert esou sinn, dass Psychologen, déi agestallt goufen, fir an de Centres de compétences Kanner mat spezifesche Besoinen ze ënnerstëtzen, elo wäerte bei den Orientéierungen hëllefe mussen, esou dass hinne manner Zäit bléiwe wäert fir hier ursprénglech Aarbecht. Et ass deemno onkloer, wéi eng ëmfaassend psychologesch Prise en charge an de Centres de compétences nach wäert kënne garantéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. 
   - Wéi vill Psychologe aus dem CePAS huelen un der Orientéirungsprozedur deel a wéi vill net?
   - Ass et richteg, dass et aktuell e Personalmangel am CePAS gëtt?
   - Falls jo: Wéi vill zousätzlech Persoune mat wéi enge Qualifikatioune gi gebraucht?
   - Ass de Minister der Meenung, dass de Personalmangel am CePAS an am Enseignement fondamental am allgemengen op eng inappropriéiert Rekrutéierungspolitik zeréck ze féieren ass?
   - Wéi vill Psychologe goufe säit 2017 pro Joer rekrutéiert fir de CePAS? Wéi vill Poste goufen ausgeschriwwen a wéi vill dovu goufen net besat?
   - Wéi vill Psychologe goufe pro Centre de compétences säit hirer Ouverture rekrutéiert? Wéi vill Poste goufen ausgeschriwwen a wéi vill dovu goufen net besat?
   - Wéi vill Psychologe goufe pro Joer vum MENJE agestallt? Wéi vill Poste goufen ausgeschriwwen a wéi vill dovu goufen net besat?

2. 
   - Wéi vill Kanner mat spezifesche Besoine profitéieren aktuell vun der Aarbecht

PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

mat Psychologen an de Centres de compétences?

- Wéi vill vun dëse Kanner si vollzäit an der scolarisation spécialisée, wéi vill an der scolarisation spécialisée simultanée et à titre complémentaire (deelsintégréiert Schüler) a wéi vill profitéiere vun enger Prise en charge spécialisée, also vun enger Ënnerstëtzungsmoossnamen innerhalb vun der Reegelschoul am Sënn vun der Inclusioun?
- Wéi garantéiert de Minister, dass den Asaz vun de Psychologen aus de Centres de compétences fir d'Orientéierung am Cycle 4.2. net zu enger Baisse vum psychologeschen Encadrement vun de Schüler mat spezifesche Besoine féiere wäert?
- Falls et net méiglech ass, d'Psychologen aus de Centres de compétences fir d'Orientéierungsprozedur anzesetzen, ouni den Encadrement duerch Psychologen an de Centres de compétences ze reduzéieren:
- Wéi rechtfäerdegt den Här Minister seng Entscheedung, grad de Schüler aus de Centres de compétences, déi am dréngendsten op Hëllef ugewise sinn, d'Ënnerstëtzung ze kierzen?

3.
- Wéi vill Direktere sinn dem Opruff nokomm an hunn eng Lëscht beim Bildungsministère agereecht? Wéi vill Lëschte goufen net agereecht?
- Wéi vill Psychologen aus de Centres de compétences goufen op Basis vun den deposéierte Lëschten opgefuerdert, bei der Orientéierungsprozedur vum Cycle 4.2. ze hëllefen?
- Wéi vill Psychologen aus de Lycéeë goufen op Basis vun den deposéierte Lëschten opgefuerdert, bei der Orientéierungsprozedur vum Cycle 4.2. ze hëllefen?
- Wéi vill Psychologen, déi un eng Regionaldirektioun vum Fondamentale affektéiert sinn, huelen un der Orientéierungsprozedur deel a wéi vill net?
- Gouf eng Auswiel getraff oder goufe sämtlech op de Lëschten opgefouert Persoune kontaktéiert?
- Falls et zu enger Auswiel koum: Op Basis vu wéi enge Kritäre gouf decidéiert, wéi eng Persoune bei den Orientéierungen hëllefe mussen?

4.
- Kennen déi Psychologen, déi net beim CePas agestallt sinn an awer fir dëst Joer bei der Orientéierung hëllefe sollen, mat enger Dispense vun hirer eigentlecher Aarbecht rechnen? Falls jo: Wéi vill Stonnen ëmfaasst dës Dispense?
- Wäert et och eng zousätzlech finanziell Opwandsentschiedegung ginn?

5.
- Wéi vill Kanner sinn dëst Joer am Cycle 4.2. ageschriwwen?
- Wéi vill Stonnen Aarbecht wäerten op d'Psychologen aus der Éducation Nationale zoukomme fir d'Orientéierung vun dëse Schüler?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1442 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

**a)**

Et huelen all d'CePAS-Psychologen deel, ausser déi 2 Psychologinnen aus der Direktioun an d'Psychologin, déi den Dossier koordinéiert. Déi 10 Psychologen, déi deelhuelen, betreien am Ganzen 43 Klassen.

Et ass ze präziséieren, datt vun den SePASen an den Lycéeën insgesamt 54 Psychologen deelhuelen. D'Koordinatioun vum Volet psychologique läit bei dem CePAS, sou wéi am modifizéierte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Organisatioun vum Enseignement fondamental virgesinn, mee dat heescht net, datt nëmmen d'CePAS-Psychologen an der Orientéierungsprozedur mathëllefen. Och d'Psychologen aus dem Enseignement secondaire, dem Enseignement fondamental an de Centres de compétences huelen un der Orientéierungsprozedur deel. An den Commissions d'orientation awer si just d'CePAS-Psychologen als fix Membere per Gesetz virgesinn.

**b), c), d)**

Et gëtt aktuell kee Personalmangel am CePAS. Eng entspriechend Rumeur ass doduerch entstanen, datt d'Duerchféierung vun de psychologeschen Tester am Kader vun der Orientatiounsprozedur am lafende Joer anescht organiséiert ginn ass. Fir d'SePASen an de Lycéeën ze entlaaschten, ass d'Decisioun geholl ginn, fir eng Ëmverdeelung vun de Klassen ënnert de Psychologen, déi an de Servicer vum MENJE a senge Verwaltungen schaffen, virzehuelen. Dëst huet ë. a. dozou gefouert, datt all Psycholog vun de Centres de compétences fir d'Inklusioun an der Reegel eng Schoulklass iwwerholl huet.

Doriwwer eraus gëllt et ze präziséieren, datt an deene vergaangenen dräi Joer méi ewéi 100 zousätzlech Psychologen, Pädagogen an Erzéier agestallt goufen, fir d'Ekippe vun den SePASen an den Services socio-éducatifs SSE (ze verstäerken.

Am Kontext vun der Orientéirungsprozedur an dem Rôle vun der Koordinatioun vum Volet psychologique, dee per Gesetz dem CePAS attribuéiert gouf, besteet kee Personalmangel am CePAS. Ausserhalb vum CePAS besteet och kee Personalmangel fir d'Ëmsetzung vun der Orientéierungsprozedur, well am ganze Secteur vun der Éducation nationale genuch Psychologen zur Verfügung stinn, fir sech dëser Aufgab unzehuelen. Et ass eng punktuell Aufgab, un där sech déi verschidde Psychologe vun der Éducation nationale bedeelegen.

**e)**

Am Joer 2017 an 2018 ass den Effectif du personnel vum CePAS net an d'Luucht gang, dofir awer deen vun de SePASen an de Schoulen. 2019 ass ee Psychologeposte bäikomm, gouf ausgeschriwwen a besat. Wat d'Remplacementer ugeet, esou ass all reguläre Posten, Congé de maternité, Congé parental a Congé pour travail à mi-temps ausgeschriwwen a remplacéiert ginn. Aktuell ass ee Psychologeposten ausgeschriwwen an de Recrutement ass en cours.

**f)**

De folgenden Tableau gëtt un, wéi vill Psychologeposte pro Centre de compétences zanter dem Schouljoer 2018-2019 ausgeschriwwen a wéi vill Psychologe rekrutéiert goufen. Jiddwer ausgeschriwwe Plaz gouf och effektiv besat.

| Centre de compétences | Postes de psychologues |
|---|---|
| CDA | **7** |
| CDI | **12** |
| CDM | **2,25** |
| CDSE | **7,8** |
| CDV | **2,5** |
| CEJHP | **4** |
| CL | **3,5** |
| CTSA | **5** |
| ATVA | **0,75** |
| **Total** | **44,8** |

**g)**

Am Joer 2017 goufe keng nei Psychologe vum MENJE agestallt. Am Joer 2018 goufen am Enseignement fondamental 37,25 Vollzäitposten ausgeschriwwen a sinn zur Zäit all besat. Am Enseignement secondaire goufen 2018 13,25 Posten ausgeschriwwen, wouvunner am Dezember 2019 nach 1,25 Posten net besat waren. Am Enseignement fondamental goufen 2019 keng nei Poste geschaf. Am Enseignement secondaire goufen am Joer 2019 insgesamt 36 Posten ausgeschriwwen, an am Dezember 2019 waren dovunner nach 25 Posten en voie de recrutement.

**Ad 2)**

**a)**

Kanner mat spezifesche Besoinen, déi an engem Centre de compétences an d'Schoul ginn oder vun do aus ambulant ënnerstëtzt ginn, gi vun engem multidisziplinären Team betreit, zu deem och ëmmer ee Psycholog gehéiert. Dëst ass wichteg, well d'Besoine vun de Kanner dacks villfälteg sinn, a si an enger ganzheetlecher Approche solle gehollef kréien. An dësem Sënn kann ee soen, datt all d'Kanner an engem Centre de compétences och vun der Aarbecht vun de Psychologe profitéieren.

**b)**

Am Schouljoer 2019-2020 gi folgend Schüler vun de Centres de compétences en charge geholl:

| Centre de compétences | Scolarisation spécialisée | Intervention spécialisée ambulatoire | TOTAL |
|---|---|---|---|
| CDA | 0 | 110 | 110 |
| CDI | 364 | 24 | 388 |
| CDM | 68 | 11 | 79 |
| CDSE | 34 | 54 | 88 |
| CDV | 0 | 114 | 114 |
| CEJHP | 0 | 87 | 87 |
| CL | 260 | 17 | 277 |
| CTSA | 80 | 86 | 166 |
| **Total** | **806** | **503** | **1 309** |

**c), d), e)**
Fir ze garantéieren, datt d'Participatioun vun den Psychologen aus de Centres de compétences un der Orientéierungsprozedur net zu enger Baisse vum psychologeschen Encadrement vun de Schüler féiert, gouf entscheet, fir dëse Psychologen jeeweils just 1 Klass zouzeuerdnen. Den Opwand fir de Psycholog, fir eng Klass ze betreien, läit opgrond vun den Erfarungswäerter aus de leschte Jore bei ongeféier 18 Stonnen.

Wéi virdrunner schonns erwäänt, ginn d'Kanner, déi an engem Centre de compétences an d'Schoul ginn oder vun do aus ambulant betreit ginn, vun engem multidisziplinären Team begleet. D'Kompetenze vun de Membere vun deem Team ergänze sech, fir datt jiddwer Kand déi beschtméiglech Prise en charge ka kréien. Et kann een deemno net soen datt, wann ee Member vum Team stonneweis net present ass, d'Qualitéit vun der ganzheetlecher Betreiung vum Kand dorënner géif leiden.

**Ad 3)**
**a)**
All Direktiounen aus dem Enseignement secondaire, dem Enseignement fondamental an de Centres de compétences sinn dem Opruff nokomm, fir sech un der Orientéierungsprozedur ze bedeelegen. Et si souwuel Lëschten wéi och eenzel Autorisatioune fir d'Participatioun vun de Psychologen opgrond vun engem direkten Austausch tëschent den Direkteren an der Koordinatiounsstell vum CePAS, beim Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend agereecht ginn.

**b)**
Déi intern Organisatioun vun de Centres de compétences huet erginn, datt et fir de gudde Fonctionnement vun de Servicer déi bescht Optioun wier, fir ee Psycholog pro Klass virzegesinn. Hei si fir d'Orientéierungsprozedur 44 Psychologen aus de Centres de compétences am Asaz, déi dann och 44 Klassen betreien.

**c)**
54 Psychologen aus de Lycéeë betreie ronn 200 Klassen.

**d)**
Vu 55 Psychologen aus de Regionaldirektiounen huele 25 Psychologen un der Orientéierungsprozedur deel.
Si hunn zesumme ronn 70 Klassen en charge.

**e)**
Sämtlech Psychologen, déi a Fro koume, fir sech un der Orientéierungsprozedur ze bedeelegen, goufe kontaktéiert a krute Klassen zougedeelt.

**f)**
Net ëmmer koumen alleguer d'Psychologe fir d'Orientéierungsprozedur a Fro, well aus ënnerschiddleche Grënn hir Participatioun net méiglech war. Dëst huet zum gréissten Deel mat organisatoresche Froen ze dinn (Besetzung a Garantéieren vum gudde Fonctionnement vun hirem Service), mat gesondheetleche Grënn (Congé de maladie) oder domat, datt d'Psychologen zäitweis dem Service net zur Verfügung stinn (Congé de maternité oder Congé parental).

**Ad 4)**

**a)**

All d'Psychologen, déi an der Orientéierungsprozedur aktiv sinn, féieren dës Prestatiounen wärend hire regulären Aarbechtsstonnen aus. Gläichzäiteg muss och de gudde Fonctionnement vun hirem Service garantéiert sinn. Dat ass doduerch méiglech, datt si an Ekippe schaffen, wou si sech intern als Ekipp organiséiere kënnen.

**b)**

Op Basis vun der Decisioun vum Regierungsrot vum 8. Juni 1998 betreffend d'Indemnitéite vun den Agenten, déi engagéiert sinn an der Prozedur vum Passage vum Enseignement primaire an den Enseignement postprimaire, ass mat 41,64 Euro brutto pro Schüler an 52,21 Euro brutto pro Klass, nom aktuelle Punktwäert vum Index, eng finanziell Unerkennung virgesinn.

**Ad 5)**

**a)**

An den 157 ëffentleche Grondschoule waren Ufank Dezember 4956 Schüler an enger Klass vum Cycle 4.2 ageschriwwen.

**b)**

Folgend Iwwersiicht weist den Opwand vun den Aarbechtsstonne pro Klass respektiv pro Schüler:

| **Aarbechtsinhalt (chronologesch opgeléscht)** | **Pro Klass** | **Pro Schüler** | **Arbechtszäit a Stonnen** |
|---|---|---|---|
| Eltereninformatiounsowend | x | | 2 |
| Preparatioun vun de Klasseninterventiounen | x | | 1 |
| Klasseninterventioun (Testing) | x | | 4 |
| Auswäertung vun de qualitative Froen | | x | 0,25 |
| Participatioun u CePAS-Aarbechtsreuniounen | | | 2 |
| Feedback-Reunioun mam Enseignant | x | | 1,5 |
| Feedback-Reunioun mat den Elteren an dem Schüler | | x | 0,33 |

Fir eng Beispillklass vu 15 Schüler léisst sech deemno folgend Rechnung opstellen:

| | |
|---|---|
| 15 Schüler à 0,58 Stonnen/Schüler: | 8,70 Stonnen |
| Zäit pro Klass: | 9,33 Stonnen |
| **Total:** | **18,03 Stonnen/Klass** |

Fir déi Psychologen, déi an enger Commission d'orientation als fixe Member virgesinn sinn (just d'CePAS-Psychologen) kann ee präziséieren, datt den Dossier vum Schüler consultéiert muss ginn (2 Stonne pro Schüler) an d'Kommissiounssitzung dauert pro Schüler eng Stonn mindestens.